National Meeschterschaften am Cyclissem vum 20.06 – 23.06 an der Stauséigemeng.

Wéi schonn 2021 sinn och dëst Joer, um Wochenenn vum Nationalfeierdag, déi national Meeschterschaften am Cyclissem op der usprochsvoller Stréck iwwert a ronderëm Fatima.

Zoustänneg fir Organisatioun ass „Vëlo Wooltz“, e Veräin fir den et an dësem Joer vill ze féiere gëtt: 30 Joer sinn ët hier, dass si aus de „24 Stonne Wooltz“ ervir goungen. Jo, sou laang ass dat schonn hier!

“ Vëlo Wooltz“, e Veräin fir de Norden.

Wuerzele vum Veräin sinn zu Wooltz, seng Coureuren awer stamen zanter jee vun „iwwerall“. Sou hu mir Beispillsweis Sportler vun Huldang oder Wäiswampech an onsem Tricot fueren. Genau sou zielen Kanner a Jugendlecher aus der Stauséi Gemeng dozou.

Besonnesch stolz si mir op ons reorganiséiert Vëlosschoul, an der mir Kanner am Alter ab 6 Joer betreien an hinnen iwwer Spill, Sport a Spaass Handwierk vum Coureur bäibréngen, geträi dem Motto: „Was Hänschen nicht lernt, das lernt Hans nimmermehr“. Je no Alter treffen si sech 1, 2 oder 3 mol / Woch fir den Training um MTB oder an der Sportshall, fir sech an der Course mat aneren ze moossen, fir zesummen eng Randonnée ze fueren an dobäi vill flott Momenter mat de Kollegen z‘erliewen.

Ons Jéngst, zu Harel ënnerwee um MTB

MTB Kurs, kuerz virum Depart

Doriwwer eraus hunn mir natiirlech och Coureuren an allen anneren Kategorien fueren, vun de Minimes bis hin zu der Elite. Mir si gespannt wat si zu Harel um Championnat fäerdeg kréien.

Kuerz Beschreiwung vun der Stréck:

An der „Haaptcourse“ vum Sonnden starten Espoirs, Elite a Profien all zesummen am selwechte Peloton.

Deelsteck tescht Béiwen a Fatima, dat op den 145km 8x ze

iwwerwannen ass, wäert scho schnell bei dem engen oder aneren Been zum kache bréngen. Nik manner intressant ass Steigung vun Harel rop op Fatima.

Arrivée, Spektakel garantéiert! Just déi stäerkst hunn Aussiicht op de Schlusserfolleg, fir sech am Schlusssprint eng Plaz um Podium ze sécheren.

Och fir Zuschauer ass de Site vun der Fatima perfekt geeegend. Si gesinn Sportler gläich 2x pro Ronn. Tëschen duerch ass genuchh Geleeënheet, sech vum lokale Fussballveräin mat allerlee Leckerem verwinnen ze loossen.

Präzis Informatiounen iwwert d'Stréckeféierung, den Oflaf an den Zäitpläng, dat ofgeännert Verkéiersreglement kritt dir iwwert en „Toutes boites" heem geliwwert. Dofir verzichte mir op dëser Plaz op wieder Detailer.

Merci:

Zum Ofschloss wëlle mir vill Mercie lass ginn. Vum Burgermeeschter iwwert Schäffen bis hin zum techneschen Gemengenpersonal. Merci u Police, P&Ch, der FSCL, dene villen fräiwëllege Streckeposten souwéi onse Sponsoren. Merci un Hareler Musik (fir spille vun der Nationalhymn beim Podium), un de Fussballveräin fir Iessen a Gedrenks. Just e kollektive Kraaftakt mécht sou eng ëmfangräich Organisatioun méiglech.

Merci och un Bierger aus Gemeng an Ëmgéigend. Stéierungen am Verkéier bleiwen nik aus. Dofir biede mir iech fir Versteesdemech.

Mir freeën ons op de Weekend vum 20. bis zum 23. Juni, un dem Stauséigemeng duerch de Cyclissem an de Fokus geréit an doduerch Geleeënheet kritt, sech dem Rescht vum Land vun der schéinster Säit ze presentéieren!

An eegener Saach**:** Villäicht hot den een oder aneren Zäit a Loscht eng Hand mat un ze paken, z.Bsp an der Funktioun vum Stréckeposten! Jo? Hei ass Adress fir Umellung an Informatiounen: secretaire@velowoolz.lu Merci